LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Service information et presse

*Seul le discours prononcé fait foi*

**Fête nationale 2025**

**Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg**

**Discours de S.A.R. le Grand-Duc**

Här Chamberpresident,

Här Premier Minister,

Léif Éieregäscht,

Léif Matbierger,

Dësen Nationalfeierdag ass fir mech e Moment vu grousser Emotioun an Dankbarkeet.

25 Joer sinn et hier, datt ech mäin Eed virun Iech geleescht hunn. Deemools wéi haut, gedroen duerch de Wëllen, mech mat Loyautéit, Respekt an Devouement an den Déngscht vum Land ze stellen.

An all deene Jore war ech ni eleng. U menger Säit stoung meng Fra, d'Grande-Duchesse, déi mech mat hirer Léift, hirem Engagement an hirer Sensibilitéit begleet huet.

Mat hiren Aktivitéiten zugonschte vun deene Vulnerabelsten, hirer Ënnerstëtzung vu Fraen a Meedercher an hirem Asaz fir humanitär Zwecker, huet si d'Wäerter vu Solidaritéit a Mënschlechkeet gelieft, déi de Kär si vun eiser nationaler Identitéit.

Zesummen hu mir vill schéi Momenter erlieft, mir hunn eis och den Erausfuerderunge gestallt, mir hunn Är Hoffnungen wéi Är Suerge gedeelt.

Ëmmer erëm hu mir aus Ärem Vertrauen an Ärer Ennerstetzung nei Kraaft gezunn, fir eis Missioun ze erfellen.

Léif Matbierger,

Dat Lëtzebuerg vun haut ass e modernt, dynamescht a weltoppent Land, dat gläichzäiteg senge Wuerzelen a senge Wäerter trei bleift.
Dës Harmonie tëscht Traditioun an Innovatioun hu mir alleguer zesummen opgebaut a mir wäerten se och zesumme weiderliewen.

An deene 25 Joer huet eist Land sech neien Erausfuerderunge misse stellen. Mir hunn d’Finanzkris, d’Pandemie an den internationalen Ëmschwong gemeeschtert.

Dat war nëmme méiglech, well mir ëmmer solidaresch an zukunftsorientéiert zesumme gestanen hunn. A well mir Regierungen haten déi wäitsichteg an zugläich buedemstänneg eist Land gefouert hunn.

Eis Wirtschaft huet sech iwwer d’Stoolindustrie an de Finanzsecteur eraus diversifizéiert, mir hunn eng Uni gegrënnt a konsequent an d‘Fuerschung investéiert, a mir hunn de Courage an d’Visioun gehat fir a Weltraumtechnologien, Datentechnologien a Supercomputeren ze investéieren.

Eis Landwirtschaft huet sech och mat der lokaler Produktioun vu qualitativ héichwäertege Liewensmëttel weider entweckelt.

D'Protektioun vun der Ëmwelt ass essentiel fir eist Wuelbefannen an eis Liewensqualitéit ze erhalen. Dofir ass d‘Gläichgewiicht tëscht Wirtschaft an Ökologie vu kapitaler Bedeitung.
A gläichzäiteg hu mir eis déi néideg Mëttele ginn, fir d’Kultur ze ferderen an hire Stellewäert an der Gesellschaft ze stäerken an och déif ze verankeren.

Mir hunn eis Roll op der europäescher an der globaler Bün gestäerkt, an eng kloer Sprooch geschwat fir de Fridden, d’Kooperatioun an d’international Gerechtegkeet.

Mir si virukomm an eisem Beméie fir méi Gläichheet, méi Inklusioun a méi Respekt ee vis à vis vun deem Aneren, andeems mir méi eng solidaresch Gesellschaft opgebaut hunn.

Léif Leit alleguer,

Dësen Nationalfeierdag beweegt mech ganz besonnesch, well et dee leschten ass, deen ech matt Iech als Staatschef feieren.

Den 3. Oktober wäert ech no guddem Iwwerleeën, zugonschte vu mengem Fils, dem Prënz Guillaume, ofdanken.

Eise Guillaume huet am Laf vun de Joren säin Asaz, säi Wëssen a seng déif Verbonnenheet mat eisem Land bewisen. Hien ass prett an hien ass frou dës grouss Verantwortung fir d’Land unzehuelen. U senger Säit huet hien d‘Prinzessin Stéphanie, déi sech mat Iwwerzeegung a mat vill Häerz fir hier Aufgaben asetzt.

Ech sinn extrem dankbar a frou, datt si sech, Hand an Hand, mat vill Sympathie, Léift a groussem Asaz an den Déngscht vu Lëtzebuerg stellen. Ech sinn iwwerzeegt datt si sech Ärem Vertrauen an Ärer Hoffnung würdeg erweisen.

Haut soen ech Iech, zesumme mat der Grande-Duchesse, vu ganzem Häerze Merci:

- Merci fir Äert Vertrauen,
- Merci fir Är Ennerstetzung,
- Merci och fir déi vill Begéinungen, den éierlechen Austausch an déi gemeinsam Momenter.

All dat huet meng Missioun a mäi Liewen enorm beräichert.

Der Jugend an eisem Land géif ech gäre mäi grousst Vertrauen ausdrécken: Dir sidd d'Energie, d'Kraaft an d'Hoffnung vu muer.

Mat Ärer Kreativitéit, Ärem Sënn fir Responsabilitéit an Ärer Weltoppenheet wäert dir d'Land ëmmer méi wäit virubréngen.

Léif Leit alleguer,

Ech wäert bis de leschten Dag vu mengem Règne meng Flicht erfëllen, mat Iwwerzeegung, Devouement an Engagement.

Jo, den 3. Oktober danken ech of.

Awer fir de Rescht vu mengem Liewe wäert ech zudéifst verbonne bleiwen mat eiser Heemecht. Ech wäert mech weider all Dag dorunner interesséieren ewéi eist Land virukënnt, an ech wäert mech doriwwer freeën, ze gesinn ewéi eist Land sech weider entwéckelt am Fridden an an der Prosperitéit, zu Gonschten vun eis alleguer.

D'Léift zu eiser Heemecht droen ech a mir bis un d'Enn vu mengem Liewen.

Ech wënschen eis all e schéinen Nationalfeierdag.

Vive Lëtzebuerg!

Vive Europa!